

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Immigratioun an Asyl, Aarbecht, Bildung & Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Zënter Joren hëlt Lëtzebuerg Flüchtlingen aus aller Welt hei am Land op an hëlleft esou deenen, déi d'Hëllef dréngend brauchen.

Allerdéngs muss ee soen, dass et mat der Opnam eleng net duergeet. Vill Flüchtlingen, déi de Statutt vum BPI kruten, kënnen net drop hoffen, jeemools an hir Länner kënnen zeréckzegoen. Hier Zukunft ass deemno hei zu Lëtzebuerg an et gëllt, si esou gutt wéi méiglech an eis Gesellschaft z'integréieren.

Bei der Organisatioun vum Integratiounsprozess stellen sech grouss Erausforderungen. Am Plan d'Action National fir Integratioun ginn den Parcours d'Intégration d'Accueil (PIA) an den Contrat d'Accueil et d'Intégration (CAI) als zwee grouss Instrumenter opgeléscht. Et stellt sech allerdéngs d'Fro, awéifern dës Instrumenter duerginn, fir et de d'BPIen hei am Land ze erlaben, Fouss ze faassen.

Eng richtig Integratioun brauch eng Chancëgläichheet tëschent de BPIen an dem Rescht vun der Bevëlkerung. Dëst bedeit, dass d'BPIen d'Méiglechkeet mussen hunn, ze schaffen oder ze studéieren an och hiert eege Liewen an engem eegene Logement ze féieren. Esou wéi et eis vun de Betreffene matgedeelt gouf, bestinn hei allerdéngs nach Problemer.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill BPIen waren an de leschten 10 Joer, opgeléscht no Joer, als Demandeur d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen? Wéi vill dovunner ware Fraen?
2. Wéi vill BPIen kruten an de leschten 10 Joer erfollegräich vun der ADEM eng Platz um Aarbechtsmarché vermëttelt? Wéi vill dovunner ware Fraen?
3. Wéi eng Mesures d'emplois stinn de BPIen aktuell op?  
Wéi vill BPIen waren an deene leschte Joren an enger Mesure d'emploi?
4. 1. Wéi eng Sprochecoursen existéieren zur Zäit fir Flüchtlingen zu Lëtzebuerg?

2. Deckt d'Offer vun dëse Coursen d'Demande vun de BPlen?
  3. Wéi vill Sue gëtt de Staat all Joer fir d'Organisatioun vun dëse Sproochecoursen aus?
  4. Wéi vill vun dëse Coursë gi mat engem staatlech unerkannten Examen ofgeschloss, bei deem de Sproochenniveau nom *Gemeinsamen Europäischen Referenzrahmens für Sprachen* kann nogewise ginn? Ass d'Regierung hei der Meenung, dass ee Sproochecours duerch een obligatoreschen Ofschlossexame besser ass, wéi eng einfach Präsenzattestatioun?
  5. Wat ass den Taux de Reussite vun dëse staatlech unerkannten Examen?
5. Wéi vill Flüchtlinge bezéien aktuell de REVIS a wéi vill hunn aktuell guer kee reguläert Akommes?
6.
    1. Wéi vill BPlen liewen aktuell an de Flüchtlingsfoyeren uechtert d'Land?
    2. Wéi vill liewen op eegenem Fouss an enger eegener Wunneng?
    3. Wéi vill liewen an enger aanerer Wunnsituatioun (z. B. am enger famille d'accueil)?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député





LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 3 mai 2021

Le Ministre de l'Immigration et de l'Asile

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 4006 posée par l'honorable Député Monsieur Sven Clement.

A handwritten signature in blue ink, appearing to be 'JA'.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl, vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro Nummer 4006, vum 1. Abrëll 2021, vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement**

1. Wéi vill BPIen waren an de leschten 10 Joer, opgelëscht no Joer, als Demandeur d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen? Wéi vill dovunner ware Fraen?

D'ADEM kann ab 2014 zouverlässeg a vergläichbar Statistike liwweren zu den Demandeurs d'emploi (DE) mam Statut vum Bénéficiaire de Protection internationale (BPI). Den Tableau hei ënnen weist wéivill Leit jee weils am Ufank vun all Joer (31. Januar) op der ADEM ageschriwwen waren, opgedeelt no Geschlecht.

	Fraen	Männer	Total
2014	30	91	121
2015	63	163	226
2016	91	224	315
2017	115	326	441
2018	159	473	632
2019	184	610	794
2020	176	605	781
2021	194	696	890

2. Wéi vill BPIen kruten an de leschten 10 Joer erfollegräich vun der ADEM eng Platz um Aarbechtsmarché vermëttelt? Wéi vill dovunner ware Fraen?

D'ADEM huet ab 2015 zouverlässeg a vergläichbar Zuelen zu den Demandeurs d'emploi déi d'ADEM verlooss hunn an déi eng Aarbecht fonnt hunn ("Sorties vers l'emploi"). Den Tableau hei ënnen weist wéivill BPIen all Joer d'ADEM verlooss an eng Aarbecht fonnt hunn.

	Sorties vers l'emploi vun den BPI
2015	35
2016	81
2017	116
2018	221
2019	239
2020*	158

\* Januar - November

3. Wéi eng Mesures d'emplois stinn de BPIen aktuell op?  
Wéi vill BPIen waren an deene leschte Joren an enger Mesure d'emploi?

All d'Beschäftegungsmoosnamen vun der ADEM stinn de BPI op, souwäit si déi üblich Voraussetzungen erfüllen déi och fir all déi aner Leit gëllen. Bei de BPIen kënnt just nach d'Konditioun dobäi dass si mussen eng Ouphaltsgeneemegung hunn, déi die gesamt Dauer vun der Moosnam ofdeckt.

Den Tableau hei ënnen weist wéivill BPI jee weils am Ufank vun all Joer (31. Januar) an enger Beschäftigungsmaossnam waren.

	BPI an enger Beschäftigungsmaossnam
2014	5
2015	23
2016	32
2017	40
2018	105
2019	180
2020	186
2021	176

#### 4. 1. Wéi eng Sproochecoursen existéieren zur Zäit fir Flüchtlingen zu Lëtzebuerg?

D'Demandeurs d'emploi (DE) déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, hunn d'Méiglechkeet op verschidden Sproochenofferen zréckzegréifen wou en Deel oder ganz prise en charge accordéiert kann ginn. BPIen kënnen och un dëse Coursen deel huelen.

Heibäi handelt et sech ënnert anerem ëm Sproochecoursen fir d'Integratioun an de Secteuren vum Commerce, der Konstruktioun/Artisanat, der HORECA an dem Botzsecteur ze förderen.

All déi Coursen ginn a Kollaboratioun tëscht dem Ministère fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft (ADEM), dem Ministère fir Famill an Integratioun an dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (Service de la formation des adultes/Institut National des Langues) organiséiert.

Zousätzlech kann all DE, deen eng Formation professionnelle oder eng Sproocheformatioun, wëll maachen, ënner verschiddene Konditiounen, vun enger Aide à la formation professionnelle (AFP) profitéieren vun där d'Fraisen deelweis vun der ADEM iwuerholl ginn. Dës Formatiounen kënnen bei agreéierte Privatinstututer wéi z.B. Prolingua, Inlingua, English World, etc. ausgewielt ginn.

#### 2. Deckt d'Offer vun dëse Coursen d'Demande vun de BPIen?

D'DE déi de Statut vum BPI hunn, hunn Zougang zu de nämmelechsten Offeren wéi all aner DE, virausgesat si erfëllen d'Konditiounen vun der Offer/Mesure.

#### 3. Wéi vill Sue gëtt de Staat all Joer fir d'Organisatioun vun dëse Sproochecoursen aus?

Zu dëser Fro besti keng Donnéeën.

#### 4. Wéi vill vun dëse Coursen gi mat engem staatlech unerkannten Examen ofgeschloss, bei deem de Sproochenniveau nom *Gemeinsamen Europäischen Referenzrahmens für Sprachen* kann nogewise ginn? Ass d'Regierung hei der Meenung, dass ee Sproochecours duerch een obligatoreschen Ofschlossexamen besser ass, wéi eng einfach Präsenzattestatioun?

Allgemeng baséieren d'Instituts/Centres de formation sech op de Cadre commun de référence pour les langues (CECRL) fir den Niveau vun de Sproochecoursen z'identifizéieren, d'Ausschaffen vu Programmer

an d'Evaluationen vun de Sproochekompetenzen. Am Prinzip ginn d'Formatiounen mat engem Certificat de formation ofgeschloss.

5. Wat ass den Taux de Réussite vun dëse staatlech unerkannten Examen?

Den Taux de réussite hänkt vun deenen ënnerschiddleche Sproocheformatiounen of, fir déi net alleguer Statistike gefouert ginn.

5. Wéi vill Flüchtlinge bezéien aktuell de REVIS a wéi vill hunn aktuell guer kee reguläert Akommes?

De Fonds national de Solidarité (FNS), deen de REVIS verwalt an ausbezillt, kontrolléiert op d'Demandeuren d'Konditiounen vum modifizéierte Gesetz vum 28 Juli 2018 iwwert de revenu d'inclusion sociale erfëllen; laut Artikel 2(2) vum deem Gesetz hu Persoune mat Schutzstatut déi selwecht Rechter ewéi Lëtzebuerger Staatsbierger. De FNS féiert deemno keng Statistiken iwwert de Statut vun de REVIS Bezéier.

6. 1. Wéi vill BPlen liewen aktuell an de Flüchtlingsfoyeren uechtert d'Land?
2. Wéi vill liewen op eegenem Fouss an enger eegener Wunneng?
3. Wéi vill liewen an enger aanerer Wunnsituatioun (z. B. am enger famille d'accueil)?

Op den 31. Mäerz 2021 liewen 1.429 BPlen (43,7%) an de Strukturen vum ONA.

BPlen si lëtzebuerger Residenten. Wann si d'Opnamstruktur vum ONA verlossen gi keng Statistiken méi iwwert hir Wunnsituatioun gefouert.